ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 12/10/2023

Rapport vun der Integratiounskommissioun

7 Mäerz 2023

Presenzen

Present	Net present
Ruef-Vogt Lieselotte (Präsidentin), Jeff Scheidweiler (Sekretär), Wieditz Gabriele, Fernandes José, Simon-Stammet Nathalie , Christiane Eicher-Karier, Noesen Henri, Graff Yolande, Milmeister-Naik Amina, Heinz Joé (Membren)	Ludwig Patrick , Moreira Cardoso Carlos, Vosman Joske

Punkt 1: Introduction

D'Kommissioun kënnt haut an der "Bricher Stuff" zesumme fir nieft der Sitzung eppes zesummen z'Iessen. De José mécht ee kuerze Bericht iwwert de Projet mam Cycle 4 vun der Madame Jovanovic. An deem Kader ass een Interview mat de Vertrieder vun der Kommissioun gemaach ginn, dëst ass och gefilmt ginn. De José wäert de Video mat der Kommissioun deelen. Et huet de Kanner gutt gefall an an Zukunft kéinten och weider Collaboratiounen realiséiert ginn.

Punkt 2: Rapport vum 13.12.2022

De Rapport vun der Kommissiounssitzung vum 13.12.2022 gëtt ouni Remarquen ugeholl. Dëse kann um Site vun der Gemeng publizéiert ginn.

Punkt 3: Bilan vum Chrëschtmaart

De Chrëschtmaart um neie Site zu Bruch war ee vollen Erfolleg. Et ware vill Leit do an d'Veräiner hu gutt Resultater gemaach. Et si ronn 10.500,00€ duerch de Verkaf zesumme komm, den Decompte ass nach net gemaach, d'Depensen sinn nach net ofgerechent. Vun deem Boni wäert fir d'Veräiner déi deelgeholl hunn eng Zomme tëscht 900,00 an 950,00€ bleiwen. E spezielle Merci och un d'Schoulpersonal an d'Kanner déi sech matengagéiert hunn a vill dozou

Helperknapp, 12/10/2023

bäigedroen hunn dat de Chrëschtmaart een Erfolleg ginn ass. Vum Schoulpersonal war den Echo positiv woubäi unzemierken ass dat dës de Chrëschtmaart léiwer am Schoulgebai selwer ofgehalen hätten.

Eng Observatioun déi d'Kommissioun gemaach huet ass dat u sech net genuch Choix un Iesswueren fir d'Leit aus dem Foyer am Mariendall ginn ass, wat dëse Punkt ugeet misst an Zukunft nogebessert ginn.

D'Kommissioun proposéiert am Kader vum Télévie, den 19. Abrëll um Campus Helperknapp, wou vun der Schoul eng Aktvitéit organiséiert gëtt hir Scheckiwwerreechung un "Médecins du Monde" an de "Foyer Marienthal" unzeschléissen vu dat ee Fotograf vun der Gemeng wäert sur place sinn.

Des weideren wäert d'Kommissioun d'Organisatioun vum Chrëschtmaart ofginn, d'Entente vun de Bricher Veräiner, am Numm vum Bob Koedinger a Jeff Wilmes hunn Memberen aus der Kommissioun drop ugeschwat a wieren interssëiert dës Relève unzehuelen. Deemno kéint d'Integratiounskommissioun sech an Zukunft op neien oder aneren Evenementer investéieren.

Punkt 4: Plang fir 2023

D'Memberen aus der Kommissioun sinn zum Schluss komm dat et wéineg Sënn mécht nach virun de Gemengewalen eng Sitzung anzeberuffen, deemno wäert eng nei Equipe déi no de Walen am Juni 2023 sech wäert zesummefannen iwwerhuelen.

Punkt 5: GRESIL

Déi nächst Reunioun vum GRESIL ass den 26. Abrëll, leider fält dës ënnert ongënschteg Auerzäiten sou dat aktuell keen disponibel ass fir dohin ze goen

Punkt 6: Divers

Am nächste Gemengebuet gi Fotoen vun der "Soirée de bienvenue" a vum "Chrëschtmaart" publizéiert.

Den 11. Mäerz ass "Ukraineschen Owend" am Kader vum Télévie am Koschteschbau, all Interesséierten ass wëllkomm, et sinn nach Plaze fräi.

Den 18. Mäerz organiséiert d'Gemeng d'"Journée nationale de l'inscription en vue des élections communales" dësen Dag ass ugeduecht fir "net Lëtzebuerger" ze motivéieren sech op d'Gemeng aschreiwen ze kommen. De José huet proposéiert dat Kommissioun sech kéint bedeelegen, no Diskussiounen ass zréck behal ginn dat et wuel wäert wéineg Sënn erginn.